



Sommaire

1. 5995 - Projet de loi portant

1. modification de la loi du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique,
2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,
3. modification de la loi du 9 juillet 2007 portant 1) création d'un lycée à Luxembourg-Dommeldange 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,
4. abrogation de la loi du 10 août 1991 portant
 - 1) création de la fonction d'instituteur d'économie familiale;
 - 2) modification de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;
 - 3) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des fonctionnaires de l'État;
 - 4) modification de la loi du 6 septembre 1983 portant
 - a) réforme de la formation des instituteurs;
 - b) création d'un Institut supérieur d'études et de recherches pédagogiques;
 - c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports: M. Fernand Diederich*
- *Discussion générale: M. Emile Eicher, M. André Bauler, M. Ben Fayot, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. André Hoffmann*
- *Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

2. 6026 - Projet de loi relatif aux bibliothèques publiques

- *Rapport de la Commission de la Culture: M. Mill Majerus*
- *Discussion générale: Mme Anne Brasseur (dépose 2 amendements et 1 motion), M. Marc Angel, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. André Hoffmann*
- *Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture, M. Fernand Kartheiser (parole après ministre), Mme le Ministre Octavie Modert*
- *Vote sur les amendements (rejetés)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Mill Majerus, Mme Anne Brasseur, Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture*
- *Vote sur la motion (rejetée)*

3. 6048 - Projet de loi

- portant transposition de la directive 2006/42/CE du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2006 relative aux machines et modifiant la directive 95/16/CE (refonte);
- concernant la mise à disposition de machines;
- concernant les machines d'occasion
- *Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi: M. Roger Negri*
- *Discussion générale: M. Léon Gloden, M. André Hoffmann*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Mady Delvaux-Stehres et Octavie Modert, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

► **M. le Président.-** Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Dann dierfe mer elo ufänken a fir d'éischt zum Projet de loi 5995 iwwert d'Personal am Secondaire kommen. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht, an et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Hären Eicher, Bauler, Fayot, Adam, Kartheiser an Hoffmann. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

1. 5995 - Projet de loi portant

1. modification de la loi du 29 juin 2005 fixant les cadres du

personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique,

2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

3. modification de la loi du 9 juillet 2007 portant 1) création d'un lycée à Luxembourg-Dommeldange 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

4. abrogation de la loi du 10 août 1991 portant

1) création de la fonction d'instituteur d'économie familiale;

2) modification de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;

3) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des fonctionnaires de l'État;

4) modification de la loi du 6 septembre 1983 portant

a) réforme de la formation des instituteurs;

b) création d'un Institut supérieur d'études et de recherches pédagogiques;

c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Fernand Diederich** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Madame Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen eis hei virläit, ass den 19. Februar 2009 duerch d'Madame Minister vun der Éducation nationale déposiert ginn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet den 18. Mee 2009 - de Statsrot de 6. Oktober 2009 - hiren Avis ofginn. D'Chamberskommission huet den 12. November de Projet an den Avis vum Conseil d'État examinéiert an den 3. Dezember hir Aarbechte fortgesat. Amendementë vu Regierungssäit sinn de 7. Januar 2010 agereecht ginn, an den Intitulé ass opgrond vun enger Proposition vum Statsrot geännert ginn. Zu dësen Amendementen huet de Statsrot den 9. Mäerz 2010 en Avis complémentaire erlooss, genausou wéi d'Chambre vun de Statsbeamten. D'Kommission huet den Avis complémentaire vum Conseil d'État an der Réunioun vum 11. Mäerz 2010 examinéiert an dëse Rapport de 25. Mäerz ugehall.

De Gesetzesprojet verfollegt zwee Hauptobjektiver. Den 19. Juni 1999 hunn d'Éducationsministere vun 29 europäesche Länner zu Bologna eng Deklaratioun ënnerschriwwen mam Zil, den europäesche System vum Enseignement supérieur ze reforméieren. Den universitären Opbau baséiert op zwee Basiszyklen, an zwar dem Grad vum Bachelor an deem vum Master, souwéi engem drëtten Zyklus vun der Recherche, dee mat engem Doktorat ofschléisst.

Heimat soll de Grondstee vun engem eenheetlechen europäeschen Héichschoulsystem geluecht ginn, mat als Ziler: d'Schafung vun engem System vun Diplomer, déi europawäit vergläichbar sinn, d'Aféierung vun ECTS-Punkten, d'Promotioun vun der Mobilitéit vun de Studenten, den Enseignanten an de Chercheuren souwéi d'Promotioun vun der Qualitéit vum Enseignement.

De Projet de loi wëllt dës Harmoniséierungsprinzipien an d'Gesetzgebung iwwert d'Kadere vum Personal vum Enseignement secondaire a secondaire technique aféieren. Doniewent ginn d'Personalkaderen adaptéiert a mat de leschte Gesetzesinitiativen an Aklang bruecht.

De Bologna-Prozess bedeit eng nei Definitioun vun den Zouloosungskritären zu de verschiddene Carrière vum postprimären Unterrecht. De Masterdiplom stellt den Diplom fir den Zougank zu de Carrière vum postprimären Unterrecht duer, déi am Grad E7 klasséiert sinn. Fir déijéineg aus dem Grad E5 ass de Bachelordiplom erfuerdert. Den initiale Projet huet zwou Méiglechkeete virgesinn als Accès fir d'Carrière vum Professer am Grad E7: entweder e wëssenschaftleche Bachelordiplom, gefollegt vun engem Master an darselwechter Spezialitéit, oder e wëssenschaftleche Bachelor, gefollegt vun engem Master an der Didaktik.

De Statsrot weist a sengem Avis vum 6. Oktober 2009 drop hin, datt d'Bezeechnung vum Master en didactique verschidden interpretéiert kéint ginn an Interferenze kéinte bestoe mam Contenu vum Stage pédagogique. Schliesslech ass déi zweet Méiglechkeet net zrëckbehale ginn

an duerch folgend Formulatioun ersat ginn: «l'obligation de disposer d'un bachelor scientifique suivi d'un master dans la même spécialité préparant à la fonction d'enseignant de l'enseignement secondaire». D'Modalitéte vum Rekrutement a vum Oflaf vum Stage pédagogique sollen adaptéiert ginn, fir deenen zwou Optiounen Rechnung ze droen.

Opgrond vun den Observatiounen vum Statsrot an der parlamentarescher Kommission gëtt duerch en Amendement gouvernemental den initiale Libellé vum Punkt B.1 ofgeännert, mat Hibléck op méi Prezisioun bei der Bestëmmung vun de verschiddene Carrièren:

a) déi Carrièren, wou den Zougank deene reservéiert ass, déi en Diplom hunn, deen der Homologatiounsprozedur laut dem Gesetz vum 18. Juni 1969 ënnerläit. Heirënner falen d'Professere vun de Lettres an de Sciences;

b) d'Carrièren, wou een Diplom gefrot ass, deen der Prozedur vun der Aschreiwung an de Regëster vun den Titelen ënnerläit, laut Gesetz vum 17. Juni 1963 iwwert d'Protektioun vun den Titelen am Enseignement supérieur. Heizou zielen d'Professere vun de Sciences économiques et sociales, vun der Éducation artistique, vun der Éducation musicale, der Éducation physique a vun der Doctrine chrétienne;

an c) d'Carrièren, wou den Diplom enger vun deenen zwou Prozeduren ënnerläit. Heizou zielen d'Professere vun de wëssenschaftleche Fächer aus dem Enseignement secondaire technique souwéi déi duerch Gesetz nei geschafte Carrière vum Professeur de formation morale et sociale.

D'Diplomer vum Bachelor a Master, déi vun der Uni Lëtzebuerg an de Spezialitéiten ausgestallt ginn, déi elo opgezielt goufen, ginn d'office unerkannt, mat Ausnahm vun den Diplomer vum Bachelor a Master an de Sproochen Englesch, Däitsch a Franséisch, wouvun op d'mannst deen een oder deen aneren an engem Land oder der Region vun engem Land mat englescher, däitscher oder franséischer Sprooch muss ausgestallt ginn, nodeem de Student während mindestens zwee Joer seng Studien an esou engem Land gemaach huet.

D'Professeurs ingénieurs an d'Professeurs architectes mussen am Besët si vun engem Lëtzebuurger Masterdiplom an hirer Spezialitéit, oder hir auslännesch Titelen a Grade mussen enregistriert gi laut dem Gesetz vum 1963. D'Professeurs d'enseignement technique mussen e Lëtzebuurger Bachelor an hirer Spezialitéit hunn, oder den Diplom muss enger vun deenen zwou Prozeduren Rechnung droen. D'Maîtres de cours spéciaux brauchen e Lëtzebuurger Bachelordiplom an hirer Spezialitéit, oder si mussen konform sinn zum Gesetz vum 1963.

Am Gesetz gëtt och Rechnung gedroen de Bestëmmunge vum Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Personal vum Enseignement fondamental, déi säit dem 15. September 2009 e Reclassement bewierkt hu vun der Carrière vum Schoulmeeschter vum Enseignement préparatoire an dem Schoulmeeschter vun der Économie familiale, déi an der Carrière moyenne am Grad E3ter klasséiert waren, an de Grad E5 vun der Carrière supérieure.

D'Instituteurs d'économie familiale mussen am Besët si vun engem Lëtzebuurger Masterdiplom, dee Studie sanktionéiert, déi orientéiert sinn op en offiziellen Enseignement vun der Économie familiale, respektiv den Diplom muss konform sinn zum Gesetz vum 1963.

D'Schoulmeeschtere vum Enseignement préparatoire gi rekrutéiert entweder bei de Schoulmeeschteren, de Schoulmeeschtere vum Primaire oder vum Spezialunterrecht vum Enseignement fondamental, oder de Kandidaten, déi zu dëse Funktiounen admissibel sinn.

D'Maîtres d'enseignement technique mussen am Besët si vun enger Meeschterprüfung an der jeeweileger Spezialitéit.



D'Bibliothekären, d'Dokumentaliste mussen en Diplom vum Bachelor an hirer Spezialitéit hunn.

D'Beamte vun der Carrière vum Assistant social mussen e Bachelordiplom an hirer Spezialitéit virweisen, respektiv en Diplom oder Zertifikat, deen als gläichwäerteg unerkannt ass vum Minister vun der Education nationale, souwéi d'Genehmegung, de Beruff auszeüben, déi vum Minister ausgestellt gëtt, deen zoustänneg ass fir d'Gesondheet.

D'Beamte vun der Carrière vum Édicateur gradué mussen e Lëtzebuerger Bachelor Diplom hunn an de Sciences sociales et éducatives, oder e Lëtzebuerger Diplom als Édicateur gradué respektiv en Diplom oder Certificat, dee vum Minister, deen zoustänneg ass fir den Enseignement supérieur, als gläichwäerteg unerkannt ass.

D'Fonctionnaire vun der Carrière vum Psycholog mussen am Besëtz si vun engem Lëtzebuerger Master en psychologie, oder hiren Diplom muss laut dem Gesetz vun 1963 enregistriert sinn.

Am Artikel 3 ginn zwou Iwwergangsbestëmmunge festgehalen:

a) Déi Kandidaten, déi mat hiren Diplomer d'Konditioneuren erfëllen, déi laut der aktueller Législatioun a Kraaft sinn, behalen d'Recht zu den Examens concours zougehooss ze ginn, während enger Dauer vun dräi Joer ab deem Datum, wou dat neit Gesetz a Kraaft trëtt.

B) Per Derogatioun zu de Bestëmmunge vum Gesetz vum 29. Juni 2005 iwwert d'Personalkadere vum Enseignement secondaire kënnen d'Chargés de direction mat enger voller Tâche aus dem Régime préparatoire vum technesche Sekundarunterricht, déi bei der Entrée en vigueur vum Gesetz am Dëngscht sinn an am Grad E5 klasséiert sinn, zur Funktioun vum Directeur adjoint vun hirem Établissement genannt ginn, wa se fënnf Joer Dëngscht als Chargé de direction mat enger ganzer Tâche am Régime préparatoire kënnen noweisen. Si ginn dann an de Grad E5ter klasséiert. Den Direkter ka sech och vun engem Chargé de direction à Tâche partielle assistéiere loossen, deen aus de Reie vun de Beamten aus der Carrière supérieure vum Enseignement kënnt a vum Minister fir e Mandat vu fënnf Joer bestëmmt gëtt.

Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen, ech sinn op déi wichtegst Dispositioun vum Gesetzesprojet 5995 agaan. Merci soe wëllt ech de Membere vun der Kommissioun fir hir gutt Kollaboratioun, de Responsabele vum Ministère - besonnesch dem Här Wilmes - fir hir Erklärungen an de Leit vum Greffe fir hir gutt Aarbecht.

Heimat bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Diederich Merci. An als éischte Riedner ass den Här Emile Eicher agedroen. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Emile Eicher** (CSV). - Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Här Rapporteur fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport Merci soen, well hie schonn op eng kloer an däitlech Aart a Weis déi gesetzlech Bestëmmungen, déi duerch dëse Projet an Zukunft solle garantéiert ginn, belicht huet.

Ouni mech am Detail ze verléieren, wëll ech just mat deene wichtegsten Aspekter mech mat deemem Text auserneesetzen. Positiv ass et, datt d'Bologna-Kritären an der Astellungsprozedur vum Léierpersonal an den Enseignement secondaire an de Seconde technique integréiert ginn.

De Bologna-Prozess ass antëschent well iwwer zéng Joer al, an esou gouf et esou lues awer sécher Zäit, fir de Rekrutement um Niveau vun der Carrière supérieure beim Stat deem neien Ëmfeld unzepassen. Dëst virun allem, wann ee bedenkt, datt de gréissten Deel vun den europäeschen Universitëten hier Studiegäng an Diplomer de Bologna-Kritären no harmoniséiert hunn an zënterhier eng sëllech Studenten

an deem neien europäeschen Héichschoulsystem schonn ausgebilt gi sinn.

Konkret bedeit dat, datt et europawäit méiglech ass, fir déiselwecht Studiegäng ze maachen, Studiegäng, déi mat engem Bachelor, engem Master oder engem Doktorat ofgeschloss ginn an déi et engem duerch ee flexibele System vu Kreditter erlaben, ouni grousst Gedeessesems vun enger europäescher Universitëit op déi aner ze wiesselen.

Studéieren ouni Grenzen ass deemno nom Bologna-Prozess an Europa eng onverkennbar Realitéit ginn, déi et eise Studenten erlaabt, ee grouse wëssenschaftlechen a kulturelle Bagage mat heem ze bréngen. Dës nei europawäit harmoniséiert Diplomer wäerten dann ëmmer méi d'Viraussetzung ginn, fir eng Plaz an deenen héije Carrièren am privaten an am öffentlechen Secteur ze kréien.

Esou hält de Gesetzesprojet ënner anerem fest, datt an Zukunft jiddwereen, dee gäre Professor am Enseignement secondaire wëllt ginn, zwee Ausbildungsweeër hu kann. Sou muss een entweder - sou wéi bis elo och - e Bachelor an ee Master an där gläicher Disziplin virweisen, beispillsweis e Bachelor an der Physik, mä dann awer och eng Spezialitéit, e Master beispillsweis an der Nuklearphysik, oder awer e Bachelor an esou engem Fachgebitt an - dat ass elo nei - e Master an deemselwechte Fachgebitt, dee méi spezifesch op de Beruff vun Professor a sengem Fachberäich virbereet, souzesoen eng Pädagogie an deem Fall vun der Physik, eng sougenannte Fachdidaktik.

Et ass och kloer, datt een e Bachelor an ee Master an engem Fach muss hunn, deen also enger ronn fënnfjähreger Fachausbildung entsprécht. Soumat sollen eis Schoulen och an Zukunft Leit rekrutéieren, déi zolidd forméiert gi sinn, fir esou ze garantéieren, datt eis Schüler déi beschtméiglech Ausbildung mat op de Wee kréien.

Grad wéi e Lycéesprofessor seng Schüler op spéider universitär Studie virbereet an hinne schonn éischt wëssenschaftlech Kompetenze mat op de Wee soll ginn, ass et eng absolut Viraussetzung, datt hien awer vun enger wëssenschaftlecher Ausbildung selwer profitéiert huet. An déi kritt hien eréischt, wann hien nientengem Bachelor, bei där et sech éischer ëm eng Basisausbildung handelt, och ee Masterdiplom, e Masterstudium mécht a senger Spezialitéit.

An e weidere Virdeel vun der Bestëmmung ass, datt et jiddwerengem, deen et eventuell net packt an den Enseignement eranzekommen, op d'mannst d'Dier opléisst, fir mat sengen Diplomer dann op enger anerer Plaz sech virstellen ze goen. Hätte mir eis nämlech als Gesetzgeber ausschliesslech derfir decidéiert, fir deene zukünftige Proffe just e fachspezifesch Bachelor an duerno zum Beispill e Master an der Didaktik ze verlaangen, hätte vill Leit dës Méiglechkeet net méi, fir sech berufflech ëmzeorientéieren, oder et wier méi schwéier.

Dir Dammen an Dir Hären, fir d'CSV ass et awer och immens wichteg, datt eng Persoun, déi sech decidéiert huet, fir Schoul ze halen, sech während sengem Studium mat senger spéiderer berufflecher Zukunft auserneesetzt a virun allem mat de Kompetenzen, déi een dofir brauch, och auserneesetzt. Aus deem Grond gesäit de Gesetzesprojet vir, datt een och ee Master an engem bestëmmte Fach maache kann, dee gläichzäiteg op de Beruff vum Enseignant virbereet. Domat profitéiert de Student, dee sech fir de Beruff als Enseignant decidéiert huet, scho vill éischer vun enger pädagogescher Ausbildung an esou engem Fachberäich.

D'Ëmstellung vun den Admissiounskritäre zu dem Concours fir d'Carrière vum Prof wäert natierlech och hir Auswierkungen op dëse Concours an op de sougenannte Stage pédagogique hunn. Dofir mussen béid Prozeduren an nächster Zäit inhaltlech iwwerschaft ginn, wa se weiderhin eng kohärent Suite zu den Admissiounskritären duerstelle sollen.

Här President, d'CSV-Fraktioun begréisst et och, datt d'office d'Bachelor- an d'Masterdiplomer vun der Universitëit Lëtzebuerg unerkannt ginn, mat Ausnahm vu Fran-

séisch-, Däitsch- an Engleschstudien. Hei gesäit de Projet vir, datt een op d'mannst zwee Joer vu senger Studienzäit an deem Land op eng Uni geet, wou déi Sprooch offiziell geschwat gëtt.

Onofhängeg dovunner, datt een eng Sprooch just richtig beherrscht, wann een an deem Land leeft, wou se am Alldag geschwat a geschriwwen gëtt, encouragéiert dës Bestëmmung eis Studenten, fir eng Zäitchen an d'Ausland ze goen, fir Land a Leit kennen an apprécieieren ze léieren.

Dir gesitt also, léif Kolleeginnen a Kollegen, datt dëse Gesetzesprojet eng Rei vu positiven Aspekter huet, déi derzou bäidroen wäerten, dass eis Schoullandschaft sech an den europäeschen Harmoniséierungsprozess vu Bologna integréiert an datt déi zukünftige Generatiounen vun Enseignanten eng zolidd fachspezifesch Ausbildung kréien, verbonne mat engem räichen, europäesch geprägte kulturellen a wëssenschaftlechen Bagage.

Här President, allerdéngs gëtt et an deem Gesetz eng Bestëmmung, bei där d'CSV-Fraktioun Suergen huet an där déi parlamentaresch Educationskommissioun och nëmmen zougestëmmt huet, wa parallel dozou eng global Léisung fonnt gëtt. Ech schwätzen hei vum éischten Punkt vun den Iwwergangsbestëmmungen, dee seet, datt all déi Kandidaten fir de Proffconcours, déi d'Konditiounen vun där aler Gesetzgebung nach erfëllen, zum Beispill eng Maîtrise oder eng Lizenz hunn, sech nach just dräi Joer, nodeems dat neit Gesetz a Kraaft ass, zum Concours stelle kënnen. Duerno mussen se dann d'Administratiounskritäre vun där neier Gesetzgebung respektéieren.

Am Kloertext heescht dat, datt jiddwereen, dee studéiert huet, an enges Dags wëllt Prof ginn, no senger Carrière an der Privatwirtschaft oder och beim Stat, dat net méi no deem Délai vun dräi Joer maache kann, an dat ganz einfach aus deem Grond, well seng Diplomer net méi dem Bologna-Prinzip entsprechen.

D'Fro, déi sech awer da stellt, ass, ob eise Schoulsystem sech erlaben kann, fir an Zukunft dës Leit den Zougank an den Enseignement ze verspären. Géif et eisem Schoulsystem net gutt doen, wann et méi Enseignanté géif ginn, déi eng länger auserschoolesch Erfahrung matbrénge géifen?

Déi zoustänneg Kommissioun ass sech dëser Problematik och voll bewusst an huet déi aktuell Iwwergangsdispositioun op Wonsch vum Statsrot an de Gesetzesprojet integréiert, well déi héich Kierperschaft sech engeresch géint déi initial Dispositioun gewiert huet. Et wor nämlech virgesinn, datt all déijéineg, déi hir Diplomer virum 31. Dezember 2012 gemaach hunn, och an Zukunft berechtigt wieren, sech dem Concours ze stellen.

Net ze verstoen ass do, datt deeselwechte Statsrot awer kee Problem gesäit mat där selwechter Iwwergangsbestëmmung, wéi se initial och an deemem Projet de loi virgesi wor, wann et ëm säin Avis geet zu den Admissiounskritäre den Examens concours fir d'Carrière supérieure administrative an d'Carrière technique beim Stat.

D'Educationskommissioun mécht drop opmierksam, datt dee Problem vun den Diplomer, déi virum Bologna-Prozess gemaach goufen, net just d'Proffconcours, mä am grouse Ganzen den Accès zur Carrière supérieure beim Stat betrëfft. D'CSV-Fraktioun mengt, datt elo sou séier wéi méiglech eng global Léisung muss fonnt ginn, fir datt de Stat och an Zukunft fir Leit aus dem Privatsektor oppe bleift.

Här President, et ass ënner anerem an deemem Sënn, wou ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Gesetzesprojet 5995 ginn an lech bieden, léif Kolleeginnen a Kollegen, och dësen Text ze stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Eicher Merci. An als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler** (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Deklaratioun vu Bologna verlaangt, datt mer an

eis national Gesetzgebung d'Prinzipie vun der Harmonisatioun vum europäeschen Héichschoulsystem ëmsetzen.

Mam Gesetzesprojet 5995, dee mer haut stëmme sollen, gëtt dës Ëmsetzung an d'Wee geleet. Gläichzäiteg gi mat deemem Text verschidden Adaptatiounen virgeholl, déi sech am Laf vun der Zäit duerch verschidde legislativ Initiativen opgedrängt hunn. Meng Virriedner sinn dorobber agaan an dofir wëllt ech dat verständlecherweis net weider verdéiwen.

D'entrée de jeu géif ech awer emol fir d'éischt dem Rapporteur, dem honorablen Här Fernand Diederich, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Bericht Merci soen an elo schonn den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet de loi ginn.

Erlaabt mer dann awer e puer Remarques zum Projet ze maachen.

Als Demokratesch Partei ass et eis wichteg, datt éischters all déi Kandidatinnen a Kandidaten, déi Professor wëlle ginn, zwee universitär Zyklen ofgeschloss mussen hunn; zweetens, d'Basisausbildung an där Spezialitéit muss absolviert ginn, déi erfuerdert ass, fir bestëmmt Fächer ze enseigner; drëttens zukünftige Sproochen- a Literaturproffen eng Erfahrung an deem Land mussen hunn, an deem déi Sprooch, déi se spéider ënnerriichte sollen, Mammesprooch ass.

Här President, als DP ralliiere mer eis dem Avis vun der Statsbeamteckummer a sinn zefridden, datt d'Masteren an de Sciences de l'éducation, an der Psychologie an an der Pädagogie net als Element vun der fachlecher Grondausbildung vum Professor considéiert kënnen ginn. Spéiderhin soll jo am Stage pédagogique alles, wat mat Sciences de l'éducation, Psychologie oder Pädagogie ze dinn huet, op de Leescht geholl ginn. Wier dat schonn éischer de Fall, da kéim et jo onvermeidlecherweis zu Iwwerschneidungen an onsënnege Widderhuelunge vu Matièreen.

Dat ënnersträicht de Statsrot och a sengem Avis vum 6. Oktober 2009; ech zitieren: «Si les études qui doivent mener, à partir du diplôme de bachelor dans la spécialité requise, à celui du master en didactique, ne sont plus tournées vers la spécialité requise, mais vers l'apprentissage des théories et des méthodes de l'enseignement général, ce diplôme de master risque de se recouper avec le contenu du stage pédagogique, de sorte à rendre l'un des deux redondant et, simultanément, de faire entrer dans l'enseignement postprimaire des candidats dont l'étude de la spécialité qu'ils se destinent à enseigner paraît au mieux écourtée, pour ne pas dire insuffisante.»

Dat si kloer Wierder. Och mir als DP sinn a waren der Iwwerzeegung, datt all Kandidatin an all Kandidat, dee Professor wëllt ginn, eng zolidd Basisausbildung a senger eegener Disziplin muss hunn. Wéi wëllt een op eng kredibel Manéier Mathematik, Physik oder Economie op enger 13^e beziungsweis enger Première ënnerriichten, wann ee just en Ofschloss als Bachelor an där Matière huet?

De Master ass jo grad déi Phas vum Studium, déi zu enger gewëssener Maturitéit féiert. De Master erlaabt et, de Studium vun enger Disziplin ze verdéiwen, an en dréit dozou bäi, de Bildungshorizont ze erweidern beziungsweis ze festegen. Et ass och grad am Master, wou den direkte Kontakt mat den Unisproffen verstärkt gëtt, sief et duerch Seminäraarbechten oder duerch d'Schreibe vun engem Mémoire.

Alles dat féiert dozou, datt de Student sech méi intensiv mat sengem Fach auserneesetzt an et aus engem neie Liicht betruechte kann. Wéi wëllt ee spéider als Enseignant an engem Lycée a sengem eegene Fach den Esprit de recherche fördern oder vu Schüler eng eegestänneg Aarbecht erwaarden, wann ee selwer kaum oder ni dozou am Kader vu sengem Studium verflucht war?

Onofhängeg vun alle pedagogesche Considérations d'äer een och net vergiessen, datt jiddwereen, deen no sengem Bachelor an engem bestëmmte Fach décidéiert hätt, e Master en Sciences de l'éducation drunzehänken, datt deen, de Fall gesat, en hätt den Examen concours eemol oder souguer méi kéieren net gepackt, datt deen also Schwierigkeete kritt hätt, fir sech no engem aneren universitäre Beruff ëmzekucken. Engem Bachelorinhaber an der Chimie, Physik oder Économie wier da gesot ginn: „Dir hutt zwar e Master, mä et ass kee Master an Ärem Fach, ergo kënnen mer lech net astellen.“

Här President, ech froe mech iwwerhaupt, wéi et dozou koum, datt am éischten Entworf vun dësem Gesetzesprojet stoung, et kéinten och Leit mat engem Master en didactique zougelooss ginn.

Aus mengen Argumentatiounen vu virun eraus war dës Virstouss liicht weltfrem. Engersäits, well déi betraffe Studenten weder an hirem Fach, nach an der Pädagogik e klassches Studium hannert sech gehat hätten; anersäits, well et onweigerlech zu Redondancen am Stage komm wier.

D'Madame Minister sot mer an der Kommissioun, an deem Fall hätten déi Kandidatinnen a Kandidaten, déi e Master en didactique oder en Sciences de l'éducation opweises gehat hätten, hir Defiziter am Fach während dem Stage missen opschaffen.

Ofgesinn dovunner, datt dat eng ganz onüblech, jo akademesch äusserst bedenklech Lösung gewiescht wier, stellt sech d'Fro: Firwat dann et net direkt richtig maachen, an d'Mathé oder d'Bio oder d'Geschicht do léieren, wou se higeheieren, nämlech an de Master?

D'Madame Minister sot och, hir Partenären hätten de Wunsch ausgedréckt, e Master en didactique zouzeloossen, deen Accès zum Professerberuff gëtt. Wann een awer den Avis vun der Statsbeamtekummer liest, déi sech formell dergéint opposéiert, da kann ech mer kaum virstellen, datt d'CGFP-Féduse/Enseignement dat gefuerdert hätt. Och d'APÉSS ass an hirem Avis glaskloer gewiescht an huet sech géint esou eng Ännerung ausgeswat.

Idem fir de Statsrot, deen esou eng Approche net akzeptéiere konnt. Erënnere mer nach eng kéier un den Avis vun der Statsbeamtekummer, deen den 18. Mee 2009 d'Bedeitung vun der initialer Ausbildung vum Prof ënnerstrach huet. Dat heescht, déi akademesch Formatioun an där Disziplin, déi de Professer enseigner wëllt. D'Statsbeamtekummer vermerkt nach eng kéier, datt - ech zitieren -: «une excellente maîtrise scientifique d'une branche étant indubitablement une condition sine qua non d'un enseignement de qualité».

Et freet ee sech also, wien d'Madame Minister an dësem Kontext hir Partenären nennt, wa schonn déi klassesch Profegewerkschafte sech géint e Master en sciences de l'éducation opposéiert hunn. Ass dat d'Uni Lëtzebuerg gewiescht, déi Kandidatinnen a Kandidaten fir e Master en sciences de l'éducation rekrutéiere wollt? Oder ass et soss een Demandeur, deen eis awer net genannt gouf, deen de Ministère dozou invitéiere wollt?

Bref, d'DP ass frou, datt elo am Text net méi vun engem Master en didactique geschwat gëtt, mä vun engem Master «dans la même spécialité préparant à la fonction d'enseignant de l'enseignement secondaire». A mir sinn natierlech zefridden, datt donieft vum klassches Wee, nämlech deem vum Bachelor plus engem Master an der Spezialitéit net ofgewach gëtt.

Här President, ech sinn immens zefridden, datt mer an der Kommissioun den initialen Textvorschlag an deem Punkt ofgeännert hunn, well soss wier et zu enger ongléckseileger Spléckung vum Corps enseignant komm a Bachelor- an a Mastermathematiker oder a Bachelor- an a Masterchimisten, an esou weider. Um Terrain hätt dat bedeit, datt déi eng eng Première an den Examen begleeten därefen an déi aner net, well se jo kee Master am Fach selwer gehat hätten. Wat wier dat e Gedeessens an de Lycée ginn!

Mat dem iwwerschafften Text hu mer elo eng eenheetlech Approche, déi onnéideg Konflikter a priori vermeiden hëllef.

Wann eng Kandidatin oder e Kandidat am Kader vu sengem Master an der Physik, zum Beispill, d'Geleeënheet huet, dat eent oder anert Fach ze beleen, dat op didaktesch Aspekter vu senger Disziplin virbereet, dann ass dat absolut kee Problem. Et ass en Akzent, deen op d'Lehramt, wéi déi Däitsch dat géife nennen, virbereet, mä dësen Akzent verbarrikadéiert awer duerfir kengem oder keng aner berufflech Optiounen.

Här President, de Stage pédagogique, dee jo d'Enseignanten op hire Beruff préparéiert, ass jo elo eréischt kierzlech iwwerschafft ginn, an e soll an absehbare Zäit grëndlech reforméiert ginn. De Stage pédagogique ass a bleift d'Plaz, wou dat didaktesch a pedagogesch Handwierk géleiert gëtt. Hei soll deen neien Enseignant fir säi Beruff fit gemaach ginn. Mir wäerten nach genuch Geleeënheete kréien, fir iwwert d'Reform vum Stage ze schwätzen. Eng Reform, déi weiderhin op de Prinzip vun der Alternance Theorie - Praxis setze muss. Eng Reform, déi awer virun allem duerzou bäidroen muss, datt déi jonk Enseignanten de Goût un der Profession kréien, datt si och op déi wuessend Erausforderunge vun dësem ëmmer méi komplexen an ustrengende Beruff virbereet ginn. Hei läit nach vill Aarbecht virun eis. Et heescht jiddefalls, de Stage esou ze reforméieren, datt mer d'Kandidatinnen a Kandidaten net vergraulen an hinnen Hëllefstellungen offréieren, déi et erlaben, de Beruff dës le départ ze meeschteren. Grad duerfir ass et immens wichteg, datt de Gros vun de Spezialisten am Stage Leit sinn, déi eng Ahnung vum Terrain hunn, an déi d'Praxis dagdeeglech hautno erliewen.

Här President, erlaabt mer zum Schluss nach e puer Remarques zum Bild an zur Roll vum Enseignant en général. Mir wëllen als DP d'Enseignanten als Partner gesinn a si besser encadréieren. Hiert Engagement bestëmmt an héijem Mooss den Erfolleg vun de Schüler. Déi beschte Reform déngt näischt, wann d'Enseignanten net matéien an et net gélingt, si ze iwwerzeegen an ze motivéieren. Hir Roll an der Perséinlechkeetsentfaltung vun de Schüler an an der Wëssensverméttlung ass net ze ënnerschätzen.

Experten ënnersträchen, datt e motivéierten an engagierten Enseignant nohaltig zum Wëssens- a Kompetenzzuwues vun engem Schüler bäidroen kann. Metastudien, wéi déi vu Wang, Haertel a Walberg aus dem Joer 1993, déi honnerte vun anere Studie berücksichtegt huet an an der „Review of Educational Research“ veröffentlecht gouf, weisen, datt nieft der Intelligenz an der Metakognitioun de sougenannten „Classroom Management“ ganz uewen an der Hitparad vun de pädagogeschen Erfolgsfacteurs steet, grad wéi d'Betreiung doheim an d'Ënnerstëtzung vun den Elteren. Aner wesentlech Elementer an der Réussite vum Schüler sinn d'Relatioun zum Enseignant, d'Schoukkultur an de Klima an der Klass. Wann ee weess, datt et besonnesch d'Enseignant sinn, déi eng wesentlech Roll op dësem Feld spillen, da muss ee grad hei den Hiewel usetzen.

De Schoulsystem, also d'Organisatioun u sech, huet kaum en Impakt op den Erfolleg vum Schüler. D'Organisatioun, d'Struktur u sech, rangéiert eréischt op Plaz 27. Géif ee just ausschliesselech Reformen um Schoulsystem per se duerchféieren, wier ee sécherlech um Holzwee. D'Reform vum Stage pédagogique ass duerfir e Kilometersteen um Wee an e bessere Schoulsystem. Wéi scho virun ënnerstrach, waarden enorm Erausforderungen op d'Enseignanten.

Ëmmer méi Kanner leiden ënner Bezéiungsstéierungen zu hiren Elteren an hiren Enseignanten, esou datt een, wéi dat an der Fachsprooch heescht, zu enger „verzögerten psychischen Reifeentwicklung“ kënnt. Dowéinst ass eng wuessend Zuel vu Schüler net méi onageschränkt capabel, fir an der Schoul an an der Formatioun mat Erfolleg ze bestoen. Weider Iwwerleeungen zu ënner anerem och dësem Sujet kann een iwwerengs an Manuel Bissen senger héichinteressanter Publikatioun „Auf der Suche nach der guten

Schule - Schulentwicklung und Qualitätssicherung zum Aufbau einer weiterführenden Schule im Kanton Redingen“ aus dem Joer 2008 noliesen.

Här President, an dësem komplexe Spannungsfeld soll an nächster Zukunft och de Stage reforméiert ginn. All déi Kandidatinnen a Kandidaten, déi op dës Beruff zousteieren, mussen wëssen, datt si en ustrengende Beruff hunn, virun allem op mentalem a sozialem Plang. Doriwwer eraus huet dës Beruff aus gesellschaftlecher Siicht un Unerkennung verluer, wat natierlech derzou féiert, datt an Zukunft den Andrang fir Proff ze ginn, spierbar ofhëlt.

An der Schoul vun haut müssen d'Enseignanten stressresistent a belastschbar sinn, souwuel psychesch wéi physisch. Nieft deene reng fachlechen an didaktische Capacitéite mussen si iwwer staark ausgeprägte sozial a psychologesch Kompetenzen verfügen, fir d'Bezéiungsstéierungen net nach ze verstärken, mä wa méiglech auszegläichen.

Den Erfolleg an eise Schoule berout wuel kaum op dem akribeschen Ausfalle vun diverse Paperassen a Kontrollziedele Bezéiungsweis op dem Sammele vun Aarbechtsfichen a Classeuren. E berout virun allem op staarke Perséinlechkeeten, déi d'Schüler an hire eegener Perséinlechkeet prägen a sech staarkmaache fir d'Liewen an der Gesellschaft an no der Schoul.

De toute façon brauche mer also am Stage pédagogique Formatiounen, déi och d'Perséinlechkeet vum Kandidat a Betreuer zéien an hir oder him hëllefen, eng konstruktiv Relatioun zu de Schüler opzebau Bezéiungsweis dem Enseignant hëllefen, mat difficil Schüler adequat ëmzegoen. Dës Formatiounen sinn essenziell, grad am Émgang mat schwierigen a schwache Schüler, deenen hir Zuel, esou wéi et ausgesäit, éischter steige wéi fale wäert.

Mir brauchen also en Typ vun Enseignant, deen engersäits fachlech gutt ass, anersäits awer och mënschlech Fäegkeeten huet, Fäegkeete wéi Empathie, Begeescherungsfäegkeet an net zulescht och eng gutt Portioun Humor.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Bauler Merci, an als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Den Här Etgen, Här President, mengt, den Här Diederich hätt schonn den Accord ginn. Hie wäert mir jo net wëlle verbidden, dass ech och e puer Wuert derzou soen?

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Neen, Här Fayot.

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Merci, Här Etgen, fir Är Gentillesse!

(Hilarité)

Här President, ech wollt selbstverständlech onsem Rapporteur soen, dass en exzellent duergeluecht huet, wéi sech dann elo de Bologna-Prozess an d'Unisdiplomen no der Bologna-Method fir déi verschide Léierberuffer am Secondaire ausweisen. U sech ass déi Upassung hei, do ginn ech de Kollege Recht, éischter e bëssen eng dréchen technesch Geschicht, mä trotzdem fannechen ass awer, dass den Iwwergank vum Lëtzeburger Stat op Bologna e grouse Moment ass, e wichtige Moment. An duerfir wollt ech och, wann Der erlaabt, e puer Wuert dozou soen, well et handelt sech wierklech ëm fundamental Ännerunge vun der Unislandschaft an Europa, déi säit e puer Joer amgaange sinn.

Et ass scho gesot ginn, dass déi Deklaratioun vu Bologna den 19. Juni 1999 d'Héichschoullandschaft vun Europa lues a lues - säit iwwer zéng Joer elo - amgaangen ass, fundamental ze änneren. Mir wëssen och, dass d'Länner, besonnesch och d'Unie ganz staark op hir Autonomie halen. Mä trotzdem ass déi Héichschoullandschaft a Bewegung geroden, well ganz einfach de Besoin an der Gesellschaft do ass. Déi Bewegung ass entstan duerch déi konkret Zesummenaarbecht vun den Unien, well déi Bologna-Method berout also net op engem Vertrag tëschent de Staten. Et huet och näischt mat der Europäescher Unioun ze dinn, déi keng Kom-

petenzen an där Hisiicht huet. Si berout op enger Partie Deklaratiounen an Dokumenter, déi vun den Héichschoulministern ugeholl ginn, an déi eigentlech awer keng Gesetzeskraaft hunn, wat also och erkläert, dass vu Land zu Land déi Bologna-Method eréischt lues a lues ëmgesat ginn ass.

Den Zweck vum Bologna-Prozess ass et jo, d'Héichschoulen un d'Besoinen vun der moderner Welt unzepassen. Et geet net méi nëmme méi ëm Wëssensverméttlung. Et geet och ëm Kompetenz, sech Wëssen unzëeegnen an och domat, mat deem Wëssen ze handelen. Et geet also och drëm, fir sech Methoden unzëeegnen, fir ze léieren an ze fuerschen. Et geet ëm d'Employabilitéit vun de Studenten. An et geet och drëm, weiderzeléieren an d'Gesellschaft lues a lues zu enger Wëssengesellschaft ze maachen.

A wann een d'Ofschlosstexter vun de Bologna-Konferenzen liest, déi all zwee Joer stattfannen, da gesäit een, wou d'Rees eigentlech higeet. Dat ass zum Beispill an där leschter Konferenz vu Louvain am Abrëll 2009, do goufen déi grouss Linne bis 2020 tracéiert.

D'Prioritéit fir déi zéng Joer sollen d'Chancéglichheet an héich Qualitéitsnormen sinn, liewenslaangt Léieren, e reibungslosen Iwwergank zum Berufslewen, eng méiglechst grouss Mobilitéit tëschent de verschiddenen Unien an den eenzelne Länner. Dat entsprécht engem Europa vun der fräier Zirkulatioun vun de Mënschen mat enger fräier Zirkulatioun vun de Studenten, a bis 2010 sollten eigentlech d'Héichschoulsystemer vun den europäeschen Länner esou organiséiert sinn, dass se d'Mobilitéit vun de Studenten erméiglechen. Dat heescht, dass et esou einfach wéi méiglech soll sinn, vun engem Land an dat anert studéieren ze goen. Dës ass d'Viraussetzung vun enger europäescher Wëssengesellschaft.

Et muss ee sech jo bewosst sinn, mir schwätzen do net vu Lëtzebuerg, wou d'Studente vill an d'Ausland ginn. Et muss ee sech bewosst sinn, dass, wann ech mech gutt erënneren, ëm 5 oder 6% nëmme vun de Studenten op Unie léiere ginn, déi net an hirem Heemechtsland sinn. Dat ass also eng ganz geréng Zuel. Duerrfir ass an där Hisiicht nach ganz vill Wee ze maachen.

Natierlech ass dës fräi Zirkulatioun fir den Abléck oft nach Idealvirstellung, well Barrieren nach weiterbestinn, jee no dem Zoustand vun den Unien. Zum Beispill den Zoulaaf vun den Unien, ob et en Numerus clausus gëtt, wéi d'Studente sélectionnéiert ginn, wéi deier d'Unie sinn: Alleguerten déi Elementer spillen natierlech bei där fräier Zirkulatioun.

Eng wichteg Komponent vum Bologna-Prozess, an dat gesäit een och, wann een d'Programme kuckt vun den Unien, ass d'Employabilitéit, déi duerch d'Differenzierung innerhalb vun den eenzelne Fächer erreicht soll ginn. Bei der Beschreibung vun den Diplomen gëtt gesot, op wat fir ee Beruff se Zougang ginn. Indikativ! Net exklusiv, mä op jidde Fall indikativ. Ob een also Enseignant oder Fuerscher gëtt, dat muss net onbedéngt op der Uni festgeluecht ginn. Mä jee no Beruff kënnen op der Uni Elementer dovunner geschaf ginn.

Wa jonk Leit viru Bologna - dozou hu mir jo och eng Zäit gehéiert, déi, déi elo scho méi al sinn - op d'Uni gaange sinn, dann hu se Wëssen ouni direkte Besuch op iergendeem beruffleche Profil géleiert. Dat muss ee sech och emol virstellen. Ech ka mer awer virstellen, dass ech als Sproocherproff mech staark interesséiert hätt, net nëmme eng Sprooch, eng Grammatik, d'Literatur ze léieren, mä och d'Problemer vun der Didaktik weinstens ze erkennen.

Wat ass den Ënnerschied tëschent Friemsprouch a Mammesprooch? Wat sinn d'Interferenzen tëschent de Sproochen? Wann ech Franséisch enseigner, op wat muss ech oppassen, wann ech vum Lëtzeburger geschen oder vum Däitsche kommen? Oder och zum Beispill: Wat ass den Ënnerschied tëschent der geschwatener an der geschrivwener Sprooch? Den Iwwergank vun enger zur anerer Sprooch? Also all déi fundamental Problemer vum Sproochenunterricht, mat deene mer ons zu Lëtzebuerg a soss iwwerall schwéierdinn.



Wann ech elo d'Programmer vun den Unie kucken, eenzel Programmer op jiddwer Fall, da gesinn ech Elementer dovunner mat an e Master an enger Sprooch fléissen. An datselwecht ass och fir wëssenschaftlech Fächer, Mathematik an aner Wëssenschaften. Villes beweegt sech also an den Unien an Europa, an natierlech, wa viles sech beweegt, gëtt et och vill Kritik. Dat dierf een och net verheemlechen.

Bologna gëtt zum Beispill accuséiert, Diplomer ze bradéieren, d'Studenten duerch hir Studien ze hetzen, d'Reflexioun ze verholéissen, d'Wëssen net genuch ze verdeelen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg natierlech keng Prise dorobber, ausser bei onser eegener Uni, wou mer op héich Qualitéitskritären halen. Natierlech gëtt et och an der Tëschenzäit bal eng Industrie vu Qualitéitsstudien, Evaluatiounen, déi relativ wäit gedriwwen sinn, esou dass dat och eventuell emol eng Kéier en Element ass, fir dass déi Problemer vu groussen Ënnerscheeder tëschent de Qualitéite vun den Diplomer vun Uni zu Uni verschwannen.

Ech mengen, et ass wichteg ze kucken, wat déi Auswierkunge fir ons hei zu Lëtzebuerg sinn, well mer jo vill Studenten an d'Beruffer kréien, déi vun auslänneschen Unie kommen. Wann een zum Beispill gesäit, dass an de Concourse fir Proffe Leit mat engem Master duerchfalen; wann déi Leit duerchfalen an deenen Examen, déi mer hei zu Lëtzebuerg maachen, da stellt dat natierlech Froen. Da stellt dat Froen iwwert d'Qualitéit vun engem Master op der Uni, an da stellt et natierlech och Froen iwwert déi Examen, déi mir hei maachen, fir déi Leit eraus ze sélectionnéieren. Dat ass also e Gebitt, wou mer ons sécher musse mat där wandelnder Héichschoullandschaft auserneesetzen.

Nach e Punkt, fir dorobber zrëckzekommen, am Projet. Mir haten an der Kommissioun, den Här Bauler huet et virdru gesot, eng länger Diskussioun, an och an der Kommissioun, an och a verschidden Avisé bei der Bezechnung vum Master en didactique, deen am urspringlechen Text vun der Regierung dra war. Den Här Bauler huet hei eng laang Ausféierung dozou gemaach. Ech wollt soen, dass mäi Wëssensstand deen ass, dass eigentlech an der Absicht vun der Regierung ni vun Ufank un en Zweifel bestanen huet, dass dee Master en didactique, wou den Terme vläicht schlecht gewielt war, mä wierklech dat sollt soen, wat mer dann och elo am Gesetz hunn, nämlech e Master an engem Fach mat enger didaktescher Ausrichtung.

An duerfir war déi Angscht, déi war jo vun der Beamtechamber an och vun der APESS ausgedréckt ginn, et war gesot ginn, des Bezechnung géif déi fachlech Qualifikatioun a Geför bréngen. Dat heescht, dass e Master en didactique manner wëssenschaftlech oder fachlech manner zolidd wier wéi de Master mat enger reng wëssenschaftlecher Finalitéit. Ons Analys an der Kommissioun vun de Programmer - déi puer, déi mer gekuckt hunn - huet ons gewisen, dass dat net de Fall ass. Grouss Deeler vun deem engen, also vun deem Master mat enger didaktescher Ausrichtung an engem Fach, a vun där anerer, also e Master an engem Fach mat enger wëssenschaftlecher Ausrichtung, hunn ons gewisen, dass déi deckungsgläich sinn.

Duerfir hu mer natierlech dann, fir all Équivoque aus der Welt ze schafen, am Gesetz kloergestallt, dass de Master mat enger didaktescher Ausrichtung sech muss op e Fach bezéien. Bachelor a Master duerno sinn an deemselwechte Fach ze maachen, woubäi, dat wëll ech och a Klammere soen, d'Notioun vu „Fach“ natierlech ganz breet ze gesinn ass. Ech wëll soen, e Fach wéi Franséisch gëtt et eigentlech net méi op den Unien. Et gëtt Stécker vu franséischer Literatur oder franséischer Linguistik, oder wat och ëmmer, déi op de Master hiféieren, vum Bachelor op de Master, mä sécher, wann een zum Beispill am Bachelor englesch Literatur studéiert huet, an et mécht een dann am Master herno eng Spezialisatioun an nordamerikanischer Literatur, ass dat datselwecht Fach, mä dat ass awer trotzdem eng relativ verschidde Geschicht.

An ech sinn natierlech och mat de Virriedner d'accord, déi soen, dass mer besonnesch, wa mer e Master mat didaktescher

Ausrichtung an engem Fach hunn, mussemer oppassen, dass mer keng Duplikatioun am Stage mat deenen Elementer hunn. Dat heescht, mir mussen also am Stage oppassen, dass déi didaktesch Elementer, déi schonn am Masterdiplom dra sinn, dass déi net nach eng Kéier am Stage zum Virschäin kommen.

Här President, dëst sinn also technesch Décisiounen, déi mer hei mat dësem Gesetz huelen. Duerfir, well dat awer relativ komplizéiert war a well och probéiert ginn ass an der Regierung, dat fir all Uniscariären duerchzezeien, hu mer elo keng weider Problemer iwwert d'Proffen-Unisausbildung gestallt. Ech erënnere zum Beispill un d'Fro, ob ee soll engem Proff net zwou Spezialitéiten zouerkennen, wéi dat fréier emol de Fall war. Dat hu mer eigentlech net diskutéiert.

Bliwwen ass d'Traditioun, déi net a Fro gestallt ginn ass, dass d'Sproocheproffen eng deelweis Mobilitéit an deem Land virgeschriwwen kréien, wou hir Friemsprouch als Mammesprooch geschwat gëtt. Dat heescht, e Franséischproff muss seng Studien a Frankräich maachen, en Engleschproff an England an en Däitschproff an Däitschland.

Dat ass - ech wëll dat just hei soen a Klammere, ech si selbstverständlech domat d'accord - mä ech wëll trotzdem drun erënnere, dass dat eng Traditioun aus enger Zäit ass, wou gemengt gouf, duerch d'Immersioun an e frieme Milieu géif een d'Sprooch kenneléieren. Wéi intensiv allerdéngs déi Immersioun an e sproochleche Milieu ass, wann een zu Lëtzebuerg wunnt an all Dag op Tréier oder op Metz op d'Uni fiert, steet op engem anere Blat. Dat wollt ech trotzdem hei gesot hunn. Well déi Traditione jo awer esou staark sinn, wëll ech net méi derzou soen.

Ech wollt och nach eppes soen iwwert déi Fro vun där Transitioun - déi och schonn hei ugeschwat ginn ass -, déi mer festgehalten hu virun dräi Joer: dass also déi al Diplomer nach dräi Joer kënne gebraucht ginn, fir an de Concours ze goen. Do war et eigentlech weder bei der Chambre des Fonctionnaires nach beim Conseil d'État, nach soss eng Fro, dass een net à l'infini soll al Diplomer acceptéieren, fir an de Professerberuff ze goen. Et war d'Diskussioun tëschent dräi oder fënnf Joer, mä et war keng aner Diskussioun, an dofir si mer dann och bei deenen dräi Joer bliwwen.

Här President, ofschléissend just dës Bemierkung, fir erëm op den allgemenge Punkt vu Bologna zrëckzekommen: Et ass sécher net alles perfekt u Bologna, ech mengen awer, dass de Geescht an d'Approche vu Bologna anescht si wéi op der traditioneller Uni mat hirer strikter Trennung no Fachrichtungen, mat der zimlech autoritärer Wëssensverméttelung vun uewen no ënnen, mat dem Mangel u Participatioun, dee mer awer an de fréieren Unie gesinn hunn.

Meng Hoffnung ass et, dass duerch déi nei Uni - duerch déi nei Bologna-Uni - méi Participatioun, méi kritesche Geescht, méi transversaalt Wëssen an Denke bei de Studente gefördert gëtt. Dass och doduerch d'Uni sech méi opmécht fir d'Leit an doduerch och ons Gesellschaft méi gescheit, méi tolerant a méi innovativ gëtt.

Esou e Geescht - mengen ech - kann och onsen universitäre Kadere beim Stat an onse Proffe viles a puncto Moderniséierung an Innovatioun bréngen. Ech mengen, mir brauchen offen, tolerant a fortschrittlech Kaderen op alle Plazen, well d'Gesellschaft net stoe bleift an ons Schoulen an ons Verwaltungen och net stoe bleiwen dierfen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. An als nächste Riedner ass den Här Claude Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer elo diskutéieren, huet zwee Voleten: Éischtens - den Här Fayot ass elo länger drop agaangen - geet et ëm d'Konsequenze vun der Deklaratioun vu Bologna vum 19. Juni 1999. Mir si jo hei zu Lëtzebuerg punktuell extrem gutt Schüler, wat d'Ëmsetzung vu verschiddenen internationalen Ofkomme betrëfft. An esou ass och hei zu Lëtzebuerg

direkt op eng honnertprozenteg Bologna-Konformitéit gesat ginn, wéi mir eis Uni geschaf hunn.

Wann haut an eisen Nopeschlänner d'Ëmwandlung vun den Héichschoulen no Bologna-Kritären och kritesch a kontrovers diskutéiert gëtt, esou schéngt et fir eis awer logesch ze sinn, dass mir vun Ufank un op de Wee vum Bachelor, Master an Dokter gaange sinn. Et si jo och net d'Zilsetzung vum Bologna-Prozess, wéi d'Förderung vun der Mobilitéit an eng besser Vergläichbarkeet vum Studium an den Ofschlëss am europäeschen Héichschouerraum, déi bei eisen Nopere kritiséiert ginn. Kritiséiert ginn d'Detailfroen, a virun allem d'Ëmsetzung.

Ähnlech wéi bei eiser Schoulreform ass och dës Reform gutt gemengt, mä net onbedéngt gutt ëmgesat. Et geet Rieds vun ze vill verdichte Léierpläng, vun ze ville Prüfungen, rigide Présenceverpflichtungen, onklaren Iwwergäng tëschent Bachelor a Master, enger deelweis iwwerfuenderter Administratioun an enger ongläicher Vitesse bei der Ëmsetzung vun der Reform an deenen ënnerschiddleche Länner an Unien.

Besonnesch déi zwee lescht Punkten, déi iwwerfuendert Administratioun an d'ënnerschiddlech Vitesse vun der Ëmsetzung, déi kréien och Lëtzebuerger Studenten ze spieren, besonnesch zum Beispill och déi Lëtzebuerger Studenten, déi nach e Studiegang beleeden, deen nach net nom Bologna-Prinzip organiséiert ass, wéi dat zum Beispill eng ganz Rei Medezinstudenten an Däitschland an an Eisträich maachen. Déi ginn duerch dee Fait bei eise Bourse par rapport zu de Bologna-Studente bestrooft.

D'Regierung hat schonns am Oktober 2007 festgehalten, dass am Enseignement postprimaire de Bachelordiplom fir de Grad E5 an de Masterdiplom fir de Grad E7 als Entréesschlëssel solle gëllen. D'Logik vun dëser Décisioun ass net vun der Hand ze weisen. Eng éischt Décisioun, déi een dierf an den Zesummenhang mat der Bologna-Diskussioun bréngen, ass dann och schonn d'Revaloriséierung vun der Carrière vun den Enseignanten an eise Grondschoulen, déi jo zënter dem September 2009 mat hirem véierjährege Bachelorstudium an den E5 kann sinn.

Et ass och kloer, dass d'Enseignanten net déi eenzeg sinn, deenen hir Carrière musse deenen neie Studéierrealitéiten ugepasst ginn. Et ass esou zimlech d'Spëtzt vum Äisberg, a mir waarde gespaant op déi schonn iwwerfälleg Propositione vum Minister vun der Fonction publique, wat dann elo d'Konsequenze vum Bologna-Prozess fir dee ganze Statsapparat wäerte sinn.

Am zweete Volet vun dësem Gesetz geet et ëm eng ganz Rei Adaptatiounen vum Personalkader. Et ass an der Logik vum Bälbehale vun der Dualitéit vum Reliounsunterrecht an der Formation morale et sociale, dass mer niewent dem Reliounsproff och de Professeur de formation morale et sociale schafen. Mir zweifelen net un der Noutwendegkeet vum Moralesproff... bon, un der Noutwendegkeet vun der schonns ernimmter Dualitéit, do hu mer allerdéngs Zweifel.

All déi Reclassementer, déi sech aus dem Reclassement vun der Carrière vun den Enseignanten aus der Grondschoul erginn, kënne vun eis matgedroe ginn. Ech ginn net méi op den Detail dovunner an. Heizou ass alles vu menge Virriedner gesot. A wat eventuell net gesot gi wier, dat kann een am Rapport vum honorabelen Här Fernand Diederich noliessen, deem ech och heimat wëll Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Här President, well schonn esou viles gesot ass an de Rapport esou ausféierlech war, ginn ech net méi op déi eenzel Artikel vum Gesetz an. Ech wëll awer e puer Punkten opgräifen - déi och scho vun anere Leit hei ernimmt gi sinn -, déi mer an der Éducatiounskommissioun undiskutéiert haten, a wou ech ënner anerem bedauern, dass mer net méi wäit an eiser Diskussioun komm sinn.

Mat dësem Gesetz maache mer jo just eng Upassung. Mir setze keng nei Akzenter. Dat ass och eigentlech kee Problem. E Problem ass awer, dass d'Madame Minister och keng nei Akzenter setze wëllt. Op

meng Fro hin, ob een zum Beispill net an Zukunft misst en Ënnerscheid maachen tëschent der Formation vun engem Proff am Cycle inférieur an där vun engem Proff am Cycle supérieur, ass de klore Message komm, dass dat keen Thema wier, dee Wee géife mer hei zu Lëtzebuerg net goen an och net diskutéieren.

Dat bedauere mir. Mir gehéiere jo nach ëmmer zu deenen, déi mengen, dass et Sënn mécht, wann d'Kanner méi laang matenee léieren. Och wa mir zu Lëtzebuerg déi eenzeg schéngen ze sinn, déi dat sënnavoll fannen, esou wësse mir awer, dass déi meeschte Länner an der europäescher Schoullandschaft eng Gesamtschoul bis den Alter vu 14 oder 15 Joer hunn, an dass den dräigliedrege Schoulsystem - esou wéi mir e kennen - just am däitsch-sproocheger Raum besteet. Mir bleiwen dofir der Meenung, dass de Modell vum Tronc unique fir déi schoufflichteg Kanner fir d'Zukunft Sënn mécht, an esou eng Diskussioun misst selbstverständlech och d'Formation vun de Proffen abezéien.

Fir eis ass et absolut evident, dass all Proff éischters eng zolidd Ausbildung a sengem Fach huet an zweetens eng gutt Formation als Didaktiker a Pedagog huet. Do gëtt et keen „entweder oder“, déi zwee Aspekter si wichteg. Ënnerscheeder an der Gewichtung kéint et allerdéngs ginn: ob een am Cycle inférieur oder am Cycle supérieur wëllt schaffen. Dat ass fir eis eng interessant Pist. Mir wäerten déi och an Zukunft nach zur Sprooch bréngen.

Mir haten an der Kommissioun laang driwwer diskutéiert, wat et heescht, wann am Artikel 1 iwwert d'Admissioun vun de Proffen am initiale Projet de loi stoung, si missten ee Bachelordiplom an deem Fach hunn, dat se wëllen enseignéieren, an ee Masterdiplom an deemselwechte Fach oder an der Didaktik. Mir waren eis schnell eens - alleguer - dass mat der Didaktik d'Fachdidaktik gemengt wier an net een allgemenge Studium vun der Pädagogie oder Psychologie a Fro kéint kommen.

Ech war schonn zimlech verwonnert, mat wéi enger Vehemenz sech eng Rei Leit géint dat Wuert Didaktik gewiert hunn. Beandroekend ass et, am Avis vun der APESS ze liesen, dass ee Master en didactique eng «notion vague, ténébreuse et floue» ass a just géif op de Beruff als Professer préparéieren. Mat esou engem Master géif ee jo dann zwee Joer verléieren, wann een net Proff wëllt ginn, mä an d'Privatindustrie oder soss an d'Carrière supérieure beim Stat wëllt goen. An den Här Bauler huet dat och erëm eng Kéier hei opgefouert.

Mir kënnen déi Astellung net deelen. Mir sinn der Meenung - an ech widderhuele mech gären -, dass de Beruff vum Professer net nëmmen eng zolidd fachlech Basis brauch, mä eng genau sou zolidd fachdidaktesch a pedagogesch Formation. Déi Feeler, déi an der Formation vun de Léierinnen a Schoulmeeschteren zënter der Reform vun dëser Formation duerch déi nei Uni Campus Walfer gemaach gi sinn, wou d'Fachdidaktik an der Formation einfach verschwonnen ass, déi Feeler missten eis dach kloermaachen, dass d'Fachdidaktik wichteg ass fir den Enseignantsberuff!

Mat der Formulatioun, wéi se elo zrëckbehale gouf - an ech hunn déi Formation och anescht verstanen, a mir interpretéiere se anescht wéi den Här Bauler, nämlech, mir hale jo zrëck am Text, dass ee kéint e Master a sengem Fach maachen oder ee Master «dans la même spécialité préparant à la fonction d'enseignant et de l'enseignement secondaire» -, mat där Formulatioun kënne mir liewen. Eis Präferenz läit souguer kloer bei dësem zweete Master. A wann d'Regierung bereet wier, mat op de Wee ze goen, fir en Ënnerscheid tëschent dem Cycle inférieur an dem Cycle supérieur ze maachen, ähnlech wéi an Däitschland mat „Sekundarstufe eins oder zwei“, da wier hei nach viles méiglech.

Répercussiounen op de Stage pédagogique sinn allerdéngs net vun der Hand ze weisen. Et schéngt evident, dass déi Leit, déi hire Master schonns mat der Optik



vum Secondairesproff gemaach hunn, een anere Point de départ hu wéi d'Fachspezialisten. Am Rapport gëtt dat och unerkannt. Eng Léisung ass awer nach net parat. De Fait, datt de Stage pédagogique soll reforméiert ginn, gëtt eis keen Op-schloss, wéi dat da soll konkret ausgesinn.

Wann et dann nach e weideren Hiweis brauch, datt mir mat dësem Gesetz just wëllen adaptéieren an harmoniséieren an op alle Fall keng nei Akzenter wëlle setzen, da brauch ee just de Punkt D vum Artikel 4 ze huelen. Hei steet, datt een als zukünftege Franséisch-, Däitsch- an Engleschproff op d'mannst zwee Joer misst an engem franséischsproochegen, däitsch- oder engleschsproochege Land studéiert hunn. Op d'Fro - ech mengen, si war vum hono-rabelen Här Kartheiser komm -, ob et net besser wier, dës Fro op wéinstens dräi Joer eropzesetzen, do gouf lapidar geäntwert: „Dat war nach ëmmer esou. Dat stelle mer och elo net a Fro.“

D'Statsbeamtekummer huet och zu Recht gefrot, wéi et da mat de Professere fir Spuenesch an Italienesch wier. An den Här Fayot huet och zu Recht gesot, datt d'Im-mersioun an d'Sprooch, wann een zu Lët-zebuerg wunnt an op Tréier oder op Metz studéiere geet, och net risegrouss ass.

Zu gudder Lescht kommen ech dann nach op eng Disposition transitoire ze sprie-chen, wéi se am Artikel 3 vum Projet de loi steet. An der éischter Versioun vum Gesetz stoung, datt déi Leit, déi hir Diplomer nach no der aler Studienuerdnung kritt hunn, nach ëmmer admissibel wiere fir den Examen, fir den Examen concours. Déi eenzeg Konditioun war, datt si hir Di-plomer virum 31. Dezember 2012 kritt hunn.

Mir hunn dat net korrekt fonnt, Här Fayot, an ech hunn dat och an der Kommissioun gesot, datt ech dat net gutt géif fannen... datt mer dat, mir hunn dat, pardon, mir hunn dat korrekt fonnt. An ech hunn och an der Kommissioun gesot, datt ech dat géif richtig fannen. An dofir hu mir eis och... dat hätt nämlech bedeit, datt een och nach ëmmer ka Proff ginn, wann een eng Zäit laang an engem anere Beruff ge-schafft huet.

Ganz konkret heescht dat, datt zum Bei-spill e Mënsch, deen Ekonomie studéiert huet a fënnef oder zéng Joer op enger Bank geschafft huet, och nach ëmmer kann eng Demande maachen, fir an de Proffstage ze kommen. Wat jo net heescht, datt en automatesch ugeholl géif ginn, an och scho guer net heescht, datt e sai Stage gepackt huet. Mir hunn dat gutt fonnt. Mir hunn dat als Zeeche vu Flexibi-litéit gesinn an als eventuell Beräicherung fir d'Schoul.

Mir hunn dofir och net dem Statsrot seng Argumentatioun konnte guttheeschen. An et ass hei och net ëm eng Opposition for-melle gaangen a mir bedauern d'Mesure transitoire, wéi se elo am Artikel 3 zréckbe-hale ginn ass: Déi Kandidaten, déi kee Bo-logna-konformen Diplom kritt hunn, däerfe sech nach just dräi Joer laang nom Akraafttriede vun dësem Gesetz zum Exa-men concours presentéieren. Dat ass sou-guer nach méi restriktiv wéi dem Statsrot seng Propos; hei war vu fënnef Joer ge-schwat ginn. Mir mengen, datt dat eng éischter willkürlech Aschränkung wier, déi net onbedéngt am Interesse vun der Schoul an nach manner am Interesse vun eventuell Concernéierter ass.

Här President, mam Bedauern och zu dë-ser Restriktioun, wat déi Mesure transitoire betrëfft, bréngen ech awer den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Ge-setz.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Adam Merci. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Vill-mools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, zënter Jore geet et mat eise Schoulen hei zu Lëtzebuerg rapid de Bierg erof. Dofir kuckt d'ADR alles, wat aus dem Unterrechtsministère kënnt, mat grouss-er an ëmmer méi grouss-er - Skepsis. Seelen

ass et eppes Guddes, meeschtens ass et nees e Schrëtt weider Richtung Démantè-lement vun eise Schoulssystem an Nive-lément vers le bas!

Och dëse Projet wërft nees eng Rei vu Froen op. Dem Här Rapporteur soe mir Merci fir säin ausgezeechente Rapport, mä eis Froe sinn nach net alleguer beäntwert an eis Suerge sinn net aus der Welt ge-schaf.

Eis Haauptsuerg ass déi, datt elo net och nach den Niveau vun de Professere fält. Si si bis elo nach eng Bastioun vu Qualitéit - vläicht déi lescht - an engem Schoul-sys-tem, deen ëmmer méi verfält. Deen neie Rekrutéierungsmodus, nodeem ee kann e Master an der Didaktik a senger Speciali-téit niewent deem vun dem wëssenschaft-leche Master an deem Fach maachen, ass net onproblematesch. Well mir awer esou e System och an der Vergaangenheet schonn zum Deel applizéiert hunn - zum Beispill beim däitschen zweete Statsex-a-men - kann d'ADR mat där Iddi liewen, awer ouni Begeeschterung.

Wa Leit, déi nëmmen dësen didaktesche Master an hirer Spezialitéit als Ofschlossdi-plom hunn, de Concours fir an den Ensei-gnement net sollte packen a müssen op deen allgemengen Aarbechtsmaat, dann hu si ganz sécher och méi Schwieeregkeete wéi déi Absolvente mat enger wëssen-schaftlecher Ausbildung. Do si mir d'ac-cord mat der APESS an och mat deem, wat de Kolleg André Bauler gesot huet.

Jiddefalls heescht déi nei Regelung awer, datt de Stage muss adaptéiert ginn. Net all Professor kann oder muss deeselwechte Stage maachen. Senger individueller uni-versitärer Formatioun muss Rechnung ge-droe ginn an alles wat repetitiv ass, sollt verhénnert ginn.

An deene leschte Joren huet de Stage sech souwiso ëmmer méi - a sécher ze vill - a Richtung Didaktik a Pedagogik beweegt, an et wier ubruecht, fir him nees ganz all-gemeng vill méi e wëssenschaftleche Cha-rakter ze ginn. Villes, wat am Ablack am Stage gemaach gëtt, hält vill Zäit a bréngt an der Praxis iwwerhaapt näischt. Villes ass beschtefalls pseudowëssenschaftlech!

Eng aner Suerg, déi mir hunn, ass déi ëm d'Ausbildung vun de Sproocheprofesseren. Fir Däitsch-, Franséisch- an Engleschprofes-sere sinn op d'mannst zwee Joer am Aus-land virgeschriwwen, méi genee: an engem Land, wou déi Sprooch geschwat gëtt. Et deet eis leed, datt esou eng Regel net och fir aner Sproochen, wéi zum Bei-spill Italienesch oder Spuenesch, agefouert gouf. An et gouf och alt nees verpasst, fir d'Konditiounen, fir kënnen an eise Schoule Lëtzebuergesch ze enseignéieren, an dë-sem Gesetz ze preziséieren.

Mir mengen och, datt zwee Joer am Aus-land knapps duerginn an datt een hätt sol-len op d'mannst dräi Joer an d'Gesetz aschreiwen, wat och besser mat där nor-maler Durée vun engem Masterstudium nom Bachelor iwwereneegestëmmt hätt.

Mä déi zwee Joer si keng direkt Verschle-chterung am Verglach mat där Regelung vu virdrun. D'ADR kann dëst Gesetz also matstëmmen, och wann et wäit ënnert deem bleift, wat si selwer als sénnvoll, néi-deg a richtig gesinn hätt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, periodesch léisst eisen Unterrechtsmini-stère och Étuden oder Ëmfroen an eise Schoule maachen. Mir haten lech scho Beispiller vun esou Étuden hei virgelies an hiren Niveau kritiséiert. Et ass en Trauer-spill, wat an eise Schoule leeft, an de Ni-veau vun deene Froen an de gebrauchte Methode wërft och leider en extrem schlecht Licht net nëmmen op den Unter-rechtsministère, mä och op eis Universitét respektiv op de Fonds national de re-cherche.

An deem neiste Questionnaire fir d'Schüler aus dem Technique stinn zum Beispill Sätz, op déi d'Schüler sollen äntwerten, wéi zum Beispill - ech zitieren: «Je ne parviens pas à voir pourquoi je vais à l'école et fran-chement je m'en fous pas mal.», Enn vum Zitat.

Här President, ass dat net aarmséileg, datt eis Kanner ewell op offizielle Formulaire mat esou Vulgarismes konfrontéiert ginn? De Rescht vun där Enquête ass och alt nees net vill besser: Meeschtens felt d'In-

terpunktioun, den Anonymat vun den Änt-werten ass méi wéi zweifelhaft an alt nees ginn de Kanner Froen iwwer hir Elteren, hir Professeren an hiert Privatlieue gestallt - an dat alles an der Schoulzäit a mat der Ënnerstëtzung vun den Autoritéiten.

Ëmmer nees soe mir, mat der ADR géif et esou eppes net ginn. D'ADR géif dofir suergen, datt an eise Schoulen...

(Interruptions)

...nees strukturéiert a systematesch ge-léiert gëtt,...

(Interruption)

...datt d'Schüler net ofgelenkt ginn an datt den Niveau vun den Étuden nees eropgeschrauft an net wéi elo dauernd nach weider erofgedréckt gëtt.

Ech sinn iwwregens gudder Hoffnung, wann Dir weider an der Tripartite esou gutt verhandelt wéi am Ablack, da si mer och vläicht geschwënn an der Regierung.

(Interruptions et hilarité)

Fir d'ADR heescht d'Schoul Aarbecht a Leeschtung, mä awer och Respekt virum Privatlieuen, Héiflechkeet an Niveau am Ëmgank mateneen.

(Interruption et hilarité)

Ech wëilt nach vläicht op e puer Saache kuerz agoen, déi hei gesot goufen,...

► **Une voix.**- ...Tripartite zu véier.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... wat d'Schoulen ugeet an de Wäert vun den alen Diplomer. Och do mengen ech, datt mer müssen eng allgemeng Regel am Stat fannen, déi och de Wäert vun deenen alen Diplomer kengesfalls ënnerschatzt.

Mir müssen och vläicht kucken, datt mer d'Flexibilitéit allgemeng am Stat e bësse méi ënnerstëtzen, wat de Changement d'administration ugeet, de Professeren och d'Méiglechekeete ginn, fir an aneren Admi-nistratiounen eng Zäit ze schaffen, an ëmgekéiert anere Fonctionnaires aus der Carrière supérieure och méi einfach vläicht d'Méiglechkeet ginn, eng Zäit am Ensei-gnement ze sinn.

► **Une voix.**- Vlächte e puer Joer an der Arméi, Här Kartheiser?

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- D'Ar-méi huet nach kengem geschuet!

(Hilarité et brouhaha)

A wat eis Kollege vun deene Grénge soen, selbstverständlech...

► **M. le Président.**- Elo lauschtere mer dem Här Kartheiser no!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat ass eng gutt Iddi, Här President. Ech soen lech Merci.

Selbstverständlech si mir géint eng Ge-samtschoul, wéi eis gréng Kollege se hei presentéiert hunn. A mir wëllen och nach eng Kéier betounen, datt de Wahlpro-gramm vun der ADR eng fräi Wiel tëschent dem Reliounsunterrecht an engem Moral-unterrecht virgesäit. A mir bestinn och op där Méiglechekeet vun der Wiel fir d'Elteren an d'Schüler tëschent deenen zwee Genré vun Enseignement.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Kartheiser Merci, an als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, d'Reorganisatioun vum europä-eschen Universitëtsstudium am Kader vun dem sougenannte Bologna-Prozess, dat ass awer bis elo alles anescht wéi e grouss Succès, muss ee soen.

Jiddefalls bis elo net. An dat hänkt, men-gen ech, deelweis effektiv um ursprünge-leche Konzept. Et läit awer och - dat ass awer och schonn hei gesot ginn - deelweis un de Problemer vun der Ëmsetzung an deene verschiddene Memberstate vun der Europäescher Unioun. Dat ass awer elo net d'Thema, mä dat ass awer den Ausgangs-punkt vun deem, wat mer haut diskutéie-ren.

Ee vun de wichtige Punkten, deen e puer-mol hei ugeschnidde ginn ass, dat ass déi Fro, ob dann elo Bachelor plus Master, wéi ee Master dass dat ka sinn. An ech men-

gen, et kéint een awer vlächte d'Diskus-sioun e bëssen erfroschrauwen a sech froen, ob do net einfach e Mëssverständnis vir-läit.

Fir mech ass et selbstverständlech, dass eng Masterausbildung fir e Proff, och fir e Secondairesproff, absolut ka verbonne si mat enger fachdidaktescher Ausbildung. An ech géif souguer méi wäit goe wéi dat, wat elo nach am Gesetz steet, dass déi fachdidaktesch Ausbildung sech net nëm-men op dat Fach bezitt, sondern och zum Beispill en interdisziplinären, didaktesche Charakter kéint hunn, well et absolut nütz-lech ka sinn, an der Formatioun och ze léieren, net nëmme wéi een didaktesch mat sengem Fach ëmgeet, mä och wéi een didaktesch Verbindunge kann hierstel-len tëschent sengem Fach an anere Fä-cher.

Ech mengen allerdéngs, dass déi Formula-tioun, déi elo am Gesetz steet, vlächte e bësse méi kloer ass wéi déi, déi am Ufank drastoung, an insofern dann elo eineger-moose bei jiddwerengem op Zoustëm-mung stéisst.

Déi Fro vun der pedagogescher Aus-bildung an der didaktescher Ausbildung - wat jo net datselwecht ass -, déi stellt sech natierlech virun allem dann och nach eng Kéier an der Fro vun eise Stage. An ech mengen, dass et dringend wär, erëm eng Kéier iwwert d'Reform vun deem Stage ze diskutéieren an dat soll jo och kommen.

Ech hoffe just, dass déi nächst Reform vum Stage net erëm eng Kéier derzou féiert, dass mer an zwee Joer nach eng Kéier vun enger Reform vum Stage musse schwät-zen. Well déi Reformen, déi bis elo ge-maach gi sinn, vun deene kann een och net soen, datt se e grouss Succès gewiescht wäeren.

Ech géif och ganz hefteg derfir plädéieren, dass an der Diskussioun iwwert d'Reform vun eise Stage déi betrafte Leit, also net nëmmen déi hire Stage schonn ofge-schloss hunn, mä déi, déi am Stage sinn, dass déi och an déi Diskussioun musse mat abezu ginn, fir och kënnen auszedrécken, wéi eng Belaaschtung dass dee Stage duerstellt; deen net ëmmer zu enger Moti-vatioun féiert, muss ech soen, bis elo jid-defalls, sondern heiansdo och derzou féiert, dass d'Motivatioun méi kleng gëtt.

Ech sinn och mat där Remarque d'accord, déi hei gemaach ginn ass, wat déi Mesure transitoire betrëfft. Effektiv mengen ech, dass et Fäll gëtt, déi geschiedegt ginn duerch déi limitéiert Période transitoire vun dräi Joer. Dat ass schonn erkläert ginn hei. Ech mengen, den Här Adam huet dat erkläert. Do brauche mer net nach eng Kéier drop zréckzekommen.

Ech mengen och, déi misst een op d'mannst verlängeren. Ech sinn och mat hinnen d'accord, dass mer hei an deem Gesetz ausgi vun enger bestehender Struk-tur, also vum Status quo, esou wéi eis Schoul elo besteet, an dass, wa mer déi Strukturen änneren, dat heescht also, wa mer a Richtung gi vun enger Gesamt-schoul oder vun engem Tronc commun, da musse mer selbstverständlech nach eng Kéier diskutéieren, souwuel iwwert d'For-matioun vun eisen Enseignanté wéi och iwwert de Rekrutement vun eisen Ensei-gnanten; dat heescht eng differenziéiert Formatioun an en differenziéierte Rekrute-ment ënner Ëmstänn, ouni awer ënner-schiddlech Statuten anzeféieren.

A wann ech nach Zäit hätt...

► **M. le Président.**- Ganz schnell misst Der awer, Här Hoffmann, dozou kommen. Huet Är Konklusioun.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Dann also ganz, ganz, ganz, ganz kuerz, dat ass awer och schonn hei ugeschnidde ginn. Ech wëll et awer vlächte e bësse méi hefteg soen, dass mer hei de Professeur de formation morale et sociale am Gesetz festschreiwen, dat begreissen ech. Mä op där anerer Säit mengen ech awer wirk-lech, mer sollten endlech Schluss maachen duerch d' Aféierung vun engem Cours unique, Schluss maache mat där inakzep-tabler Privilegierung vun enger Kierch an eiser öffentlecher Schoul...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- ...a mat deem pedagogesch sënnslosen a sozial



bedenklechen Dualismus, deen am Moment an deem do Beräich an eiser öffentlecher Schoul besteet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert d'Madame Éducationministesch Mady Delvaux-Stehres.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport a selbstverständlech all menge Virriedner fir déi konstruktiv Beitrag zur Diskussioun.

Eigentlech ass alles gesot. Ech mengen, dat hei ass e Gesetz, wou mer net fir oder géint de Processus de Bologne sinn, mä et ass e Gesetz, wou mer d'Bologna-Realitéit, déi et an den Unien am Ausland gëtt, esou ëmsetzen, dass mer déi Beschriewung vun den Diplomer, déi ee brauch, fir zum Enseignement secondaire a secondaire technique zougelooss ze ginn, dass mer déi richteg ëmschreiwen. Mir definieren hei d'Critères d'admission fir d'Carrière vun de Proffen an accessoirement vun all deenen anere Leit, déi an der Schoul intervenéieren.

En parallèle sinn déi Aarbechte gefouert gi mam Ministère vun der Fonction publique, déi jo deeselwechten Exercice muss maache fir all Carrière universitaire beim Stat. Dat kann ënner Form vu Règlement grand-ducal gemaach ginn, awer fir d'Schoul brauche mir dofir e Gesetz.

Dofir sinn ech och mat deene Leit d'accord, déi soen, dat wär relativ technesch. Mä am Résumé: Bis haut hate mer jo am Gesetz stoen, dass, fir Professer E7 ze ginn, ee misst e Cycle complet vu véier Joer Uni-Studien hunn, respektiv fir déi, déi ee Professer E5 waren, dass déi e Cycle vun dräi Joer haten. An dat gëtt elo ersat. An der Zukunft gëtt keng Referenz méi op d'Durée vun de Studie gemaach, mä op den Titre académique, dat heescht respektiv e Bachelor fir alleguerten déi, déi an den E5 kommen, an e Master fir déi, déi an den E7 kommen.

Mir haten dann an der Kommissioun eng wierklech spannend Diskussioun iwwer Termen: Wéi ee Master? Vu virera war et kloer, fir d'Proffen am Secondaire, am Secondaire technique, dass déi missten e Bachelor an engem Fach hunn. Dat heescht, mir hunn ëmmer gesot, eng Spezialitéit, net e Generalist, an d'Fro huet sech gestallt: Wéi ee Master setze mer dann dorobber?

Ech muss soen, ganz am Ufank war awer och ëmmer kloer, dass, fir an den E7 ze kommen, dass mir géifen e Master froen. Dat war jo eng Angscht, déi geherrscht huet, fir eventuell, dass dat keng Mastere solle sinn, déi do géife Professer E7 ginn. Et war ëmmer gesot ginn: E Master, an dann e Bachelor am Fach, an da wéi e Master dorobber?

Et ass effektiv ganz am Ufank doriwwer diskutéiert ginn, ob ee seet, e Master am Fach respektiv an de Sciences de l'éducation. Dat ass dunno enger Rei Diskussiounen verworf ginn. An do hu mer gesot - do hu mer en urspringlechen Text eraginn -, e Master an deemselwechte Fach, wou en de Bachelor huet, oder an der Didactique. An dunno hate mer an der Chamberkommissioun dann déi spannend Diskussioun: Wat heescht Didactique? Woubäi et fir mech evident war, dass dat eppes mat deem Fach ze dinn huet, wat een enseignéiert. Net eng generalistesche Approche iwwer Pädagogik - wat och net onnëtz ass, well ech soen -, mä dass dat eppes mam Fach ze dinn hätt.

No laangen Diskussiounen a well mir alleguerte kompromissbereet sinn, hu mer eis dann op eng Formulatioun festgeluecht, wou ech net dervun iwwerzeegt sinn, dass et e Chef-d'œuvre stylistique wär, mä op d'mannst hu mer elo dann awer eng Formulatioun, wou jiddweree sech ka ralliéieren. An dofir sinn ech eigentlech ganz fro.

Ech well just hei soen, dass een definitiv, mengen ech, déi al Unislandschaft an déi al Welt vun den Unie muss vergiessen. An dat - den Här Bauler huet mech do heiansdo zitéiert, wat ech anscheinend an der Kommissioun gesot hätt -: De Bachelor

ass deen éischten universitären Diplom an de Master ass dann deen zweeten, dee kann een hannerdrunhänken. Do mécht ee schonn e Choix fir eng gewëssen Orientatioun. Et gëtt kee Generalistemaster. Et gëtt ëmmer e Master, deen deen Terrain, op deem ee schafft, schonn aschränkt.

Sou dass ech net der Meenung sinn, dass de Master d'Allgemeinbildung vun den Universitäre verbessert, mä dee konzentriert sech dann op ee bestëmmte Sujet. Wat wichteg ass a richteg, dat ass, dass an all Master eng Dimensioun vu Recherche, wou Methodologie drakënnt, an déi ass sécher fir een Akademiker oder een, deen an deem Terrain schafft, ganz wichteg.

Dofir hat ech, wann ech Aussoe maachen doriwwer, wéi ee sech kéint weiderbilden; also ech denken, dass all Enseignant - sou wéi all Mënsch haut - net ka soen: „Ech hunn eng Initialausbildung hanneru mer an domat weess ech alles an da sinn ech fir mäi Liewe gutt.“ Och an der Schoul a bei den Enseignantë gëllt den „lifelong learning“. An ech weess aus Erfahrung, mä och vun all deene Leit, déi ech kennen, déi an der Schoul sinn, dass se, währenddeem se enseignéiert hunn, onheemlech vill bäigeliert hunn. Et ass also net an der Formation initiale, wou ee seng komplett Ausbildung kritt. An dat war am Fong déi Ausso, déi ech do wollt maachen.

Jiddefalls begrëissen ech, dass ech dann hei de Konsens fonnt hunn iwwert déi Formulatioun, wéi dee Master da soll ausgesinn.

Et ass evident, an dat hu mer och an der Kommissioun gesot, dass, wann dat hei a Kraaft trëtt, mer de Stage musse reforméieren, fir d'double-emploien ze verhënnern. Mä de Moment ass en Allégement vum Stage pédagogique virgesinn, awer nach keng Reform. An déi Reform, déi gëtt elo an der nächster Zäit preparéiert.

Mir haten eng länger Diskussioun iwwert d'Période de transition. Am Gesetz steet, dass also an dräi Joer vun haut, vun der Mise en vigueur vum Gesetz un, dräi Joer duerno mussen d'Leit mat deenen neien Diplomer kommen. Dat ass och e Parallelismus mam Règlement grand-ducal. Ech verstinn déi Argumenter vun deene Leit, déi soen, et muss een och mat engem Diplom vu virdu nach kënnen herno an de Beruff erakommen.

Meng Meenung ass, dass dat da fir déi ganz Fonction publique muss zielen an dass mer eng Dispositioun allgemeng mussen huelle fir d'Fonction publique, dass d'Leit, déi hiren Diplom fréier gemaach hunn an an Zukunft wellen an d'Fonction publique kommen, dass déi mussen nach kënnen Accès kréien zum Concours. An dat ass awer eng Dispositioun, déi ech dann net nëmme wëilt hu fir den Enseignement, mä fir d'ganz Fonction publique.

Den zweeten Element vun dësem Gesetz, dat ass d'Aféierung vum Professeur de formation morale et sociale. Dat ass eng Mesure och, fir d'Qualitéit am Enseignement vun deem Fach ze verbessern an och de Leit eng Méiglechkeet ze ginn, sech doranner ze spezialiséieren. Well bis elo ass et jo esou, dass een huet misse Philosprof sinn - haaptsächlech - an derniewent dann eng - wéi soll ech soen? - eng Niewenausbildung krut als Professeur de formation morale et sociale. Dat kann een elo als Haaptfach wielen.

(Interruption)

De Règlement grand-ducal gesäit vir, dass och aner Leit kënnen Formation morale et sociale ginn. Et ass also wichteg, dass mer Leit och ubilden, déi Spezialisten an deem Fach sinn an déi ausgebilt sinn, fir dat Fach och mat där néideger Qualitéit ze enseignéieren.

Wéi ech de Virriedner nogelasschert hunn, ass mer eigentlech opgaangen, dass mer hei esou e bëssen ancien a modern dran hunn. Dat heescht, mir hu Saache gehalen, déi mer aus der Traditioun iwwerholl hunn, wéi zum Beispill, dass een zwee Joer an d'Ausland muss, wann een Däitsch-, Franséisch- oder Engleschprof gëtt. Mir hunn awer net dru geduecht, fir dat auszudehnen op Italiensesch a Spuenesch. Mir féieren eppes Neies an, mir halen dat Aalt. Et ass esou déi gutt Lëtzebuerger Traditioun, an ech denken, dass mer och dofir hei de Konsens kréien, an

dofir soen ech lech alleguerte villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen der Madame Minister Merci an domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 5995 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Félix Eischen), Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Mergen), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Lucien Clement), Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Scheuer), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. André Bauler), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6026 iwwert déi öffentlech Bibliothéiken. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. An et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Brasseur, den Här Angel, den Här Adam, den Här Kartheiser an den Här Hoffmann. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Mill Majerus. Här Majerus, Dir hutt d'Wuert.

2. 6026 - Projet de loi relatif aux bibliothèques publiques

Rapport de la Commission de la Culture

► **M. Mill Majerus** (CSV), *rapporteur.*- „In Bibliotheken fühlt man sich wie in der Gegenwart eines großen Kapitals, das geräuschlos unberechenbare Zinsen spendet.“

Här President, Madame Ministesch, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Zitat vum Johann Wolfgang Goethe ginn ech eran a mäi mëndleche Rapport vum Projet de loi 6026 iwwert d'öffentlech Bibliothéiken. Mir sinn a finanziell schwéieren Zäiten a mir streiden driwwer, wéi mer de Statsbudget an den Équiliber kréien. Mir wëssen, dass mer op ville Pläng spuere mussen, wou et de Bierger an dësem Land wéideet.

Ech well domadder ënnersträichen, dass mer queesch duerch all politesch Parteien, déi an dësem héijen Haus vertruede sinn, d'Wichtigkeet vum Bibliothéikegesetz ënnersträichen. Mir decidéieren haut de Mëtteg net, fir ze spueren, mä fir ze investéieren. Mir maachen dat, well den Enjeu et der Méi wäert ass.

Ëm wat geet et eis?

Am Exposé des motifs vum Gesetzesprojet schreift am Abrëll 2009 déi deemoleg

Statssekretärin Octavie Modert: «La présente loi a pour objet de garantir une meilleure diffusion de la société de la connaissance dans toutes les couches de la population, de créer un cadre pour le développement des bibliothèques (...) afin d'assurer aux résidents l'égalité d'accès à la lecture, aux savoirs, à l'information, à l'instruction civique et à la culture ainsi que la possibilité de développer leurs connaissances tout au long de leur vie.»

D'Wëssen, iwwert dat mir Mënschen all zesumme verfügen, entwéckelt sech rasant. Et ass wéi e grouse Schatz, deen all Dag e Stéck wiisst a méi räich gëtt. An engem fräien an demokratesche Land ass et eminent wichteg, dass dobäi keen ausgeschloss gëtt. Et ass noutwendeg, fir jiddwerengem d'Dier bei deem Bien commun grouss opzemaachen.

Mir hunn zwar all nei Medien zur Verfügung, déi eis mat Informatiounen regelrecht iwwerschëdden. Mä vill vun eis sinn iwwerfuerdert, fir dobäi den Tri ze maachen, fir ze sënneren, wat richteg, objektiv an nützlich ass. Hei spillen d'Bibliothéike fir d'Bierger vun all Alter eng wichtige Roll. Iwwert déi Wierker, déi si ubidden, erméigleche si e gudden, aktualiséierten an national adaptéierten Iwwerbléck.

Mam neie Gesetz ginn op dësem Plang eis lokal a regional Bibliothéiken an e groust Netz agebonnen, an deem och wëssenschaftlech, Schoul- an thematesch Bibliothéike matschaffen. Dat ass e grouse Plus. An et dréit vill zur Attraktivitéit vun den öffentlichen Bibliothéike bäi.

«Une bibliothèque, c'est le carrefour de tous les rêves de l'humanité.» - Sou gëtt den Auteur Julien Green zitéiert.

Bichergecke liesen, well dat Spaass mécht. Well nei Welten opginn. Well d'Phantasie Filleke kritt. Well d'Bicher erzielen a verschaffen, wat eis Mënsche frou an traureg mécht, wat eis erdréckt a wat eis beséit.

Bicher liesen ass eng räich an eng kreativ Manéier, fir Fräizäit flott a kuerzweilg ze erliwen. Et ass eng wäertvoll Alternativ zum passive Konsum vun audiovisuellen Produkten.

Mat de Familljen a mat der Schoul iwwerhuelen d'öffentlech Bibliothéiken d'Missioun, fir eis Kanner anzeféieren an déi faszinéierend Welt vun de Bicher. Dozou zwou Remarquen: 1. Expertë bestätegen, dass een domadder op kee Fall ze fréi ufänke kann. Et gëtt haut eng Hällewull vun spannende Kannerbicher fir all Alter - fir ze weisen, fir ze erzielen a fir ze molen.

2. Virun e puer Wochen hu mer hei am Haus iwwert de politeschen Engagement géint d'Aarmut vun de Kanner geschwat. D'Précaritéit huet vill Gesichter. Et gëtt dobäi och mental, kulturell a schoulesch Aspekter. Et ass wichteg, dass mer an de Bibliothéiken attraktiv Angeboter maachen, besonnesch fir déi Kanner, déi doheem manner gefördert ginn.

D'Madame Kulturministesch Octavie Modert beschreift eis Bibliothéiken als „learning centres“. Et geet do ëm méi wéi d'Ausléine vu Bicher, déi ee fir eng oder zwou Woche ka mat heem huelen. All eis öffentlech Bibliothéiken, och déi klengst am Land, goufen vu Plazen, wou Jonker an Aler kommen, fir sech ze dokumentéieren, fir hir méi oder manner bescheiden, hir méi oder manner wichteg Recherchen ze maachen. Dat net nëmmen, well do Referenzwierker a Computeren zur Verfügung stinn, mä well do déi néideg Rou an Ambiance garantéiert ginn, déi ee fir dës Aarbecht brauch.

Wat soll mam Projet de loi konkret verbessert ginn? «Quand on nous demandera compte de notre gestion gouvernementale, nous montrerons nos bibliothèques», esou zitéiert de Bibliothekar Jean-Marie Reding de fréiere Statsminister Pierre Frieden. Wat d'Zuel vun den öffentlichen Bibliothéiken ugeet, esou si mir haut zu Lëtzebuerg am internationale Verglach en Entwécklungsland.

Eise verstuertwene Kolleeg, den honorabelen Deputéierte Marc Zanussi, hat 2003 mat senger Proposition de loi d'Ambitioun,